

zu deem Sportsgesetz. Dat Gesetz fannen ech noutwendeg. Et ass fir mech elo mëttlerweil erëm eng Kéier méi wéi zäitgeméiss. Ech mengen och, dass d'Sportswelt gréisser Avantagen dovunner huet, awer net nëmmen d'Leeschtings-sportler, mä d'Leit allegueren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 4766 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an 1 Absten-tioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Aly Jaerling.*

Här Jaerling, wëllt Dir Är Absten-tioun begrënnen?

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Ech hunn dat ausreechend gemaach, Här President.

**M. le Président.** - Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Voilà, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

Pardon, et sinn nach Motiounen do. Fir d'éischt komme mer zur Mo-tioun Nummer 1, déposiert vun Här Henri Kox. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

**(Interruptions diverses)**

**M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Här President, majo den Här Mi-nister huet proposéiert, dass déi zwou Motiounen sollten an d'Kom-missiouen vun der Educatioun kom-men. Ech géif dat dann akzeptéie-ren a mengen, dass mer dann do nach eng Kéier drop zrëckkom-men.

**M. le Président.** - Bon, da ginn déi zwou Motiounen, déi vum Här Kox déposéiert gi sinn, an d'Educatiounskommissioun verwi-sen.

Vun der Motioun vum Här Jaerling huet den Här Minister gesot, dass hien déi wëllt mat an d'Regierung huelen. Normalerweis verweise mer d'Motiounen an d'Kommissiou-

nen. Mä wa mer dës elo an d'Re-gierung verweisen, dann denken ech, dass een dat ka maachen, mä et misst een awer och wëssen, dass se dann awer eng Kéier erëmkënn.

**(Hilarité)**

**M. Jeannot Krecké, Mi-nistre des Sports.** - Här President, Dir kënnt awer verstoen, dass sech hei eng Rei Froe stellen, déi queesch duerch e puer Ministère ginn.

**M. le Président.** - Här Mini-ster, mir hunn Är Explikatiounen héieren; mir verstinn déi och. Ech froe just den Här Jaerling, ob hien d'accord ass, datt mer déi Motioun hei elo mol un d'Regierung verwei-sen, wann d'Regierung eis ver-spricht, dass se deemnächst eng Kéier erëmkënn.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Ech mengen, et ass eng ganz nei Pro-zedur. Mir loosse eis mol iwwer-raschen. Mä et ka jo awer da sinn, wann d'Regierung dann hir Décisioun geholl huet, dass mer dann eventuell eng Question avec débat dorausser maachen.

**M. le Président.** - Très bien. Da si mer eis och do eens. Den Här Minister Krecké mellt eis, wat d'Re-gierung iwwert dës Motioun déli-béréiert huet.

Voilà, da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet 4513, enger Konventioun iwwert den Ëmweltschutz. Bis elo sinn ageschriw-en: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo den ho-norabelen Här Rapporteur Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 4513 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

**M. Roger Negri (LSAP), rap-porteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 25. Juni 1998 huet Lëtzebuerg zesumme mat 39 Staten déi sou genannten Aarhus-Kon-ventioun ënnerschriwwen, dëst an der Persoun vum deemolegen Ëmweltminister Alex Bodry, dee sech speziell dofir op Aarhus an Däne-mark déplacéiert huet.

**(Interruptions)**

Dëst Ofkommen geet vun der Iddi aus, datt mir méi Fortschrétt am Ëmweltberäich kréien, wann d'Leit méi staark fir d'Ëmweltproblemer sensibiliséiert sinn a wann alle-guerten d'Bierger d'Méiglechkeet kréien d'Ëmweltpolitik aktiv matze-gestalten. Eng Grondiddi vun der Konventioun ass, dass all Mënsch e Recht drop huet an engem Envi-ronnement ze liewen, an deem hie sech wuel fillt an deen e Bäitrag zu senger Gesondheet leescht. Dat géllt net nëmme fir d'Bierger vun haut, mä och fir déi Generatiounen, déi no eis kommen.

Nohaltegkeet ass ee Begrëff, deen hautdësdays esou oft fir all Méig-leches benotzt gëtt, dass e kaum nach eppes auszesoe schéngt. An dësem Kontext ass en awer genau richtig, well d'Aarhus-Konventioun eng nohalteg Ëmweltpolitik zum Zil huet.

Ëmweltschutz ass kee Luxus. All Mënsch brauch proppert Drénk-waasser, propper Loft, gesond Lie-wensmëttel an e Liewensraum, dee fräi ass vun Ëmweltgëfter. Trotz-deem setzt d'Politik oft aner Priori-téiten a stellt kuerzfristeg Interes-

sen iwwer e konsequenten Ëmwelt-schutz, deen dofir suergt, dass eis Kanner a Kanneskanner genauso selbstverständlech kënnen op vital, natierlech Ressourcen zrëckgräi-fen, wéi mir dat maachen.

De Schutz vun der Ëmwelt geet jiddfereen eppes un, an d'Aarhus-Konventioun gesäit vir, dass alle-guerten d'Bierger an deene Staten, déi se ënnerschriwwen hunn, e reellen Afloss op d'Ëmweltpolitik solle kréien. D'Signatairë sollen do-fir an dräi verschiddene Beräicher aktiv ginn an hire Bierger méi Rechter zougestoen.

Den éischte Volet betrëfft d'Infor-matioun. All Bierger soll en direkten Zougank zu Ëmweltinformatiounen hunn. De Stat huet d'Flicht dësen Accès zur Informatioun net nëm-men ze erméiglechen, mä aktiv ze förderen. Zwar gesäit d'Konven-tioun och Situatioune vir, an deen-nen de Stat d'Recht huet Informa-tioun zrëckzebehalen, dës Fäll sol-len awer d'Ausnahme sinn. D'Re-gel ass, dass de Stat schnell an ou-ni ëmständlech oder deier Proze-duren Ëmweltinformatiounen erausgëtt. Doriwwer eraus ass e gehalen, vu sech aus wichteg In-formatiounen an dësem Beräich ze publizéieren, woubäi dem Internet eng wesentlech Roll zoukënn.

En zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft d'Participa-tioun. D'Öffentlechkeet muss bei wichtege Décisiounen, déi en Im-pakt op d'Ëmwelt hunn, vun Ufank u mat agebonne ginn. Dat betrëfft ënner anerem d'Genehmegungs-prozeduren. Hei mussen d'Bierger vu vireran informéiert ginn an d'Méiglechkeet kréien aktiv um Ent-scheidungsprozess deelze-huelen. Dat heescht och, dass d'Délaië vun de Prozeduren esou festgesat sinn, dass dës Participa-tioun reell fonctionnéiert an net nëmmen um Pabeier besteet.

D'State verflachte sech iwwert d'Aarhus-Konventioun och hir Bier-ger ze encouragéieren sech ze en-gagéieren, wa politesch Konzepter, nei Gesetzer oder Reglementer ausgeschafft ginn, déi d'Ëmwelt betreffen.

Den drëtte Volet vun der Aarhus-Konventioun betrëfft den Accès zur Justiz. D'Bierger sollen d'Méigle-keet kréie fir nei Rechter, déi aus dësem Accord entstinn, och an-zekloen. Wann deemno eng Ver-waltung sech weigert, d'Informa-tiounen erauszeginn, oder berech-tegt Ufroen einfach ignoréiert, kann deen, deen d'Demande gemaach huet, viru Geriicht goen. Datsel-wecht géllt wann d'Recht op Parti-cipatioun net berücksichtegt gëtt. Op dës Manéier soll séchergestallt ginn, dass déi Rechter, déi um Pa-beier sou schéin ausgesinn, och an d'Realitéit kënnen ëmgestat ginn.

Ausserdeem sollen d'Bierger kë-ne viru Geriicht goen, wa Privatleit oder öffentlech Verwaltungen eppes maachen, wat géint dat bestehend Ëmweltrecht verstéisst.

Här President, Dir gesitt, dass d'Aarhus-Konventioun vill méi ass wéi een Ofkommen iwwert den Ëmweltschutz. Et ass en Accord deen d'Demokratie ënnerstëtzt; d'State verlichten sech am Ëmweltberäich transparent ze handelen an dem Bierger eng méiglechst grouss Participatioun zouzegestoen.

Demokratie, Transparenz, Rechen-schaftspflicht vis-à-vis vun de Bier-ger a politesch Participatioun si Grondwäerter vun deenen d'Eu-ropäeschen Unioun gedroe gëtt. Et ass deemno logesch, dass net nëmmen d'State vun der Europä-escher Unioun, mä och d'EU sel-wer dës Konventioun ënnerschriw-wen huet.

D'EU huet sech verflicht Direktiven auszeschaffen, déi sécherstelle sollen, dass d'Aarhus-Konventioun an all Memberstat ëmgestat gëtt.

Onofhängeg vun der Tatsaach, dass Lëtzebuerg 1998 ënner-schriwwen huet, musse mir d'Grondsätz vun der Konventioun an eis national Gesetzgebung eranhuelen, souwéi déi entspre-chend EU-Direktiven a Kraaft trie-den. Et leien haut schonn dräi EU-Direktive vir, déi déi zwee éischt Voletë vun der Aarhus-Konventioun couvéieren. Eng véiert Proposition de directive iwwert den Accès zur Justiz gëtt am Moment diskutéiert.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

Lëtzebuerg ass eent vun deene leschte Länner, dat d'Aarhus-Kon-ventioun nach net ratifizéiert huet. Just Däitschland, Irland a Griichen-land sinn am selwechte Fall wéi mir, woubäi d'Slowakei als een-zege vun deene 25 Memberstaten d'Aarhus-Konventioun nach net ën-nerschriwwen huet.

Och wat d'Ëmsetze vun den EU-Direktiven ugeet, huet Lëtzebuerg e Retard. D'Direktiv 2003/4/EG, iw-wert den Accès zur Informatioun hätt misse bis de 14. Februar 2005 ëmgestat ginn, d'Frist fir d'Direktiv 2003/35/EG iwwert d'Participatioun vun der Öffentlechkeet un den Décisiounen am Ëmweltberäich ass de 25. Juni 2005 ofgelaf. Am Réckstand si mir och fir d'Direktiv 2001/42/EG ëmzesetzen, déi am Kader vun der Espoo-Konventioun gemaach gouf. Bei dëser Direktiv steet zwar d'Evaluatioun vu Pläng a Programmer am Ëmweltberäich am Mëttelpunkt, mä et geet hei awer och ëm d'Informatioun an d'Participatioun vun de Bierger. Dës Direktiv hätte mir bis den 21. Juni 2004 missen an nationaalt Recht ëmsetzen.

Dat heescht, dass mir eis net end-los Zäit loosse kënnen fir eis national Gesetzgebung ze adaptéieren, och wann dat konkret net ëmmer ganz einfach ass.

Här President, d'Aarhus-Konven-tioun ass wéi gesot de 25. Juni 1998 vum Kolleeg Alex Bodry als Ëmweltminister ënnerschriwwe ginn. De respektive Projet de loi ass de 26. Januar 1999 an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 14. No-vember 2000 erstallt. De 7. Februar 2001 gouf de Kolleeg Emile Calmes als Rapporteur bestëmmt, an den 20. Mäerz 2002 huet d'Ëmweltkommissioun iwwert de Projet de loi debattéiert, ouni dem Dos-sier weider Suiten ze ginn.

An der aktueller Legislaturperiod hu mir als Ëmweltkommissioun d'Aarhus-Konventioun erëm op den Ordre du jour geholl an de 17. Januar 2005 mech als Rapporteur bestëmmt. De 7. Juli 2005 hu mir als Ëmweltkommissioun de Rap-port zu dësem Projet de loi un-anime ugeholl.

Eigentlech war et virgesinn, fir haut zesummen iwwer e weidere Projet de loi ofzestëmmen, deen d'Aar-hus-Konventioun betrëfft. Niewent dem Projet de loi, deen Dir elo hei virleien hutt, ass dat de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun, dee jo deen éischte Volet vun der Aarhus-Kon-ventioun betrëfft.

Leider huet sech am leschte Mo-ment nach ee Problem a Relatioun mat bestehende Gesetzer erginn, sou dass mir an der Kommissioun eestëmmeg beschloss hunn, de Rapport an enger nächster Sët-zung vun der Ëmweltkommissioun nach eng Kéier am Detail ze disku-téieren, an net einfach aus sou ge-nanntem falschen Zäitdrock e Pro-jet de loi hei an der Chamber stëm-men ze loosse, dee sech da ganz schnell als net richtig erweise kéint.

Trotzdeem verflachte mir eis déi lescht Detailler, déi de Projet de loi 5217 iwwert den Accès zur Ëmweltinformatioun betreffen, schnell ze regelen an dëse Projet och direkt am Hierscht virun d'Chamber ze bréngen.

Als Ëmweltkommissioun hu mir awer unanime dru festgehalé fir

haut schonn iwwert d' Ratifizéie-rung vun der Aarhus-Konventioun ofzestëmmen. Éischstens, wéi ge-sot, well d'Konventioun schonn zënter dem 30. Oktober 2001 a Kraaft ass a Lëtzebuerg souwisou schonn eent vun deene leschte Länner ass, dat se nach net ratifi-zéiert huet. An zweetens wëlle mir ee kloert Signal setzen, dass mir dës Konventioun eescht huelen an hir Ëmsetzung net wëllen esou laang wéi méiglech erausschie-ben; de politesche Wëlle géif do-zou feelen anerefalls.

Dëst gouf och esou am Koali-tiounsprogramm festgehalen: «Le Gouvernement accordera une prio-rité à la transposition à court terme en droit luxembourgeois de la convention d'Aarhus».

Dëst anzehale wäert net ëmmer ganz einfach sinn. Mir sinn eis an der Kommissioun bewosst, datt et sech net ëm eng vun deene ville politeschen Deklaratiounen han-delt, an deenen iwwer éiergäizeg Ziler geschwat gëtt, wou a Wirk-lechkeet awer hannendrun net vill passéiert. Iwwer eisen Engage-ment an iwwer eis Verplichtungen, déi d'EU agaangen ass, si mir gehal an där nächster Zäit Neel mat Käpp ze maachen.

De Statsrot hat schonn a sengem Avis vum 14. November 2000 ën-nerstrach, dass eenzel Verän-nerungen, déi d'Aarhus-Konven-tioun mat sech bréngt, fir Lëtze-buerg carrément revolutionär sinn. Et wäert net domat gedoe sinn, e puer Gesetzer nozebesseren an un d'EU-Recht unzepassen.

Mir wäerten eis ganz Approche am Ëmweltberäich mussen änneren, fir déi Form vu Participatioun kënnen ze erreechen, déi d'Konventioun virgesäit. Well déi Direktiv betrëfft jo net nëmmen Naturparken an Ëmweltprojeten, mä sämtlech Pro-jeten, déi een Impakt op d'Ëmwelt hunn. Dat betrëfft d'Genehme-gungsprozeduren an eis Bebau-ungspläng, wou mir jo an der Lescht gesinn hu wéi schwierig et ka si fir an deem Beräich eng Re-form duerchzezéien. Dat betrëfft awer och den Aménagement du territoire als Ganzst, wou dem Ëmweltschutz muss Rechnung gedroe ginn.

An der Praxis bréngt dat sécher Problemer mat sech. Gefrot ass deemno politesche Courage an e fermet Engagement. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech soen, datt mir bereet sinn dës Erausfuer-derung unzehuelen, well mer der Meenung sinn, dass et derwäert ass fir sech am Kader vun der Aarhus-Konventioun ze engagéieren.

Ënner Ëmstänn wäert et eng Zäit daueren, bis sämtlech Aspekter vun der Aarhus-Konventioun zu Lëtzebuerg zum Droe kommen. Mä wann et eng Kéier esou wäit ass, wäert Lëtzebuerg e Fortschrétt ge-maach hunn; ee Fortschrétt am Sënn vu méi Demokratie, méi Transparenz a méi direkter Parti-cipatioun vun de Bierger. A virun al-lem e Fortschrétt fir den Ëmwelt-schutz, deen ëmmer méi u Bedei-tung gewënnt, wann een un d'Entwécklung vun eiser Gesell-schaft denkt a sech Gedanken iww-ert d'Liewensqualitéit vun deene Generatioune mécht, déi no eis kommen.

Här President, am Numm vu men-ger Fraktioun wëll ech domat den Accord fir d' Ratifizéierung vun der Aarhus-Konventioun ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolau-schteren.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Ech soen dem Här Negri Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Ober-weis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Madame Mi-nistesche, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank, wéi ëm-



mer, muss ech dem Rapporteur, dem honorabele Roger Negri, Merci soe fir de schréfftlechen an och de méndleche Rapport zu der Aarhus-Konventioun. Vlächicht direkt virausgeschéckt, dat ass e wichtegt Instrument, well se vun der UN-Wirtschaftskommissioun fir Europa, der UNECE, ausgeschafft ginn ass.

D'Aarhus-Konventioun konnt, no der Ratifikatioun vun dem 16. europäeschen ënnerzeechende Land, den 30. Oktober 2001 a Kraaft treden. Heibäi handelt et sech ëm den éischte völkerrechtleche Vertrag, deen alle Persounen wäitgehend Rechter am Ëmweltschutz zougesteet. Den Zougang zu den Ëmweltinformatiounen ass eng eminent Viraussetzung, fir dass sech iwwerhaapt Mënsche mat an dee gesamte Meenungsbildungsprozess zu engem Projet mat Ëmweltimpakt abanne loos-sen.

Dat erlaabt natierlech och dann de Verwaltungen, de kommunalen an de staatlechen, hir Décisiounen ze huelen, an dat vill méi berouegt. Duerch d'Matënnerezechnung duerch d'Europäesch Unioun kritt dës Konventioun awer grad haut am Globaliséierungsprozess vill méi eng grouss Bedeitung.

D'Konventioun selwer huet dräi Pilieren. Deen éischte Pilier soll dem Matbirger den Zougang zu den Informatiounen iwwer seng Ëmwelt erlaben, wat haut jo duerch déi modern Technologien zur Informatioun relativ einfach ass. Dozou gehéieren den Zoustand vun eise Liewensraim, de Liewensressourcen, de Kaméidi, d'Energiefroen, d'Gesetzer an d'Pläng zu Projeten.

Nei ass awer an där Konventioun, dass den Interesse fir eng Ëmweltinformatioun net begrënnst muss ginn. Jidder natierlech oder juristeschen Persoun, eng ONG oder en Interessengrupp, déi sech an den Ëmweltschutz erabrinne wëllt, kann hei da Reglementer a Gesetzestexten agesinn a Froen dozou stellen. Den Délai fir eng Fro vum Bierger ze beäntweren ass op ee Mount festgesat ginn, ausser et ass eng Fro, déi relativ komplex ass, da kann ee bis zu zwee Méint op seng Äntwert waarden. Dës Äntwert läit dann a schréfftlecher oder elektronischer Form vir.

Wann eng Autoritéit awer net iwwert d'Informatiounen verfügt, da ka se déi Ufro un eng aner Verwaltung weiterreechen, déi méi kompetent ass, an da kritt een awer seng Äntwert. Ënner bestëmmten Ëmstänn ka keng Äntwert op eng Fro geliewert ginn, wann zum Beispill den Intérêt public priméiert oder wa Betriebsgeheimnisser am Spill sinn. Dee Refus, dee muss awer da kloer begrënnst ginn. An et muss och drop higewise ginn, wellech juristeschen Weeër an dësem Fall ageleet kënnen ginn.

Den zweete Pilier ass méi interessant. Dee favoriséiert de Public, sech an den Décisiounsprozess eranzubringen, a grad an deene Projete wou den Ëmweltimpakt ganz grouss ass. Vu grousser Importenz, an dat ass de revolutionäre Geescht vun där Konventioun, ass et, dass de Public opgeruff gëtt, vun Ufank un an den Décisiounen vun de Prozeduren matzemaachen, also ex ante. An dat ganz am Géigendeel vun haut, wou oft d'Bierger jo im Nachhinein zougelooss ginn, also ex post agebonne ginn.

An dësem Zesummespill läit déi grouss Innovation, déi sécherlech och bei eis am Land Répercussiounen op eis Gesetzgebung an Matière vun der Ëmwelt wäert kréien. Ënner anerem kann an de Projete matdiskutéiert ginn, zum Beispill beim Bau vun enger Autobunn, Eisebunnstrassen, Héichspannungsleitungen, an der Offallwirtschaft oder awer am Aménagement du territoire.

Den drëtten Pilier leet dann d'Konditiounen vum Accès zur Justiz fest an deene Fäll awer, wou en Deman-

deur fir eng Ëmweltinformatioun sech am Onrecht spiert, wou en also keng Äntwert op seng Froe konnt kréien. D'Reklamatiounen an d'Kloerchter fir eenzel Persounen an Ëmweltverbänn ginn och an deene Fäll geregelt, wou d'Autoritéiten an hiren Décisiounen géint d'national Gesetzgebung verstouss hätten. D'Haaptzil ass ganz eendeitig: D'Öffentlechkeet muss e breeden Zougang zur Justiz kréien.

Et ass op enger vun de Konferenzen vun der Aarhus-Konventioun gesot ginn, dës Dispositioun, notament deen drëtten Pilier, mécht den Accès zur Justiz méi einfach. Et kënnt hei zu enger méi grousser Transparenz an doriwwer eraus dann zu enger Demokratisatioun vun den Décisiounsprozeduren. Dat géllt besonnesch an deene Länner, déi d'Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen hunn, a wou et mat de Mënscherechter net esou wäit hier ass wéi bei eis am Land.

Dës Konventioun bedeit och, dass d'Décisiounen am Beräich zum Beispill vum Kommodo-Inkommodo an engem neie Liicht musse gesi ginn. D'CSV-Fraktioun gesäit an der méiglecher Ëmsetzung vum drëtten Pilier, dee jo iergendwann da wäert kommen, awer e gewëssene Risiko, well an dësem Beräich d'Gesetz vum 10. August 1992 schonn den Droit d'agir virun der Justiz garantéiert. Hei muss mat der néideger Virsicht geschafft ginn. Dat sot jo och de Statsrot a sengem Avis.

D'Aarhus-Konventioun kann awer och am Liicht gesi gi vun der Lissabon-Strategie. Do gëtt jo vum Opbau vun enger performanter Wëssensgesellschaft geschwat. A grad d'Wëssen an engem komplexen Thema wéi der Ëmwelt ass vun héijer Bedeitung.

An doriwwer eraus gewënnt d'Konventioun och Bedeitung an der Duerchsetzung vun den allgemengen Mënscherechter. Den honorabele Mill Calmes an ech hunn un der zweeter Aarhus-Konferenz zu Almaty a Kasachstan partizipéiert. Wann een do mat de Leit geschwat huet, dann huet ee festgestallt...

*(Interruptions)*

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Wéi hutt Dir da mat deene geschwat? Kasachstanesch, oder wéi?

**M. Marcel Oberweis (CSV).**- Zum Beispill. Mir hunn dat gemaach. Mir hunn dat séier geléiert.

Do hu mer festgestallt, dat ass grad a Länner...

*(Interruptions)*

**M. le Président.**- Den Här Oberweis huet ganz eleng hei d'Wuert!

**Une voix.**- Ouh?

**Une autre voix.**- Mir kommen e bësse vum Sujet hei ewech.

**M. Marcel Oberweis (CSV).**- Ech wollt just soen, dass mer mat de Leit geschwat hunn, an och an deene Länner, wéi z.B. de GUS-Staten ass d'Thema vun de Mënscherechter am Zesummenhang mat den Ëmweltiwwerleeungen een Haaptthema. Mir gesinn also hei, d'Gesondheetsemfannen an d'Wuelbefanne vun de Mënschen ass ee vun deene wichtegen Elementer vun der Aarhus-Konventioun.

An deem Zesummenhang rappeléieren ech och wat de Generalsekretär vun der UNO, de Kofi Annan, gesot huet: „Dat aktiivt Engagement vun de Bierger ass d'Viraussetzung fir e bedeitende Fortschritt a Richtung vun der nohalteger Entwécklung.“

**Une voix.**- Da sot, mir hätten dat och gesot.

**M. Marcel Oberweis (CSV).**- An déi kréie mer awer

eréischt dann, wann een dee Volet an d'Schoul bréngt. D'Ausbildung an d'Weiderbildung kënnen hei vill leeschten. Dat ausgemaacht Zil an dëser laangfristeger Strategie läit awer eendeitig an deem erhéichte Schutz vun eiser Ëmwelt, an do sécherlech och am Schutz vum Mënsch.

Zum Schluss vu mengen Ausféierung kann ee sech awer froen, firwat da grad d'Ëmwelt als éischt Matière politique an d'partizipativ Demokratie gestallt ginn ass. Do muss ech e bësse méi wäit aushuelen.

Um Enn vun de 60<sup>er</sup> Joren huet sech an Europa e groussen, komplexen Thema gestallt, nämlech d'Bëschstierwen. A Skandinavien an an de Länner vum fréieren Ostblock hunn d'Bëscher dramatesch gelidden. Dat koom duerch d'Emissioun vum Kuelendioxid a Schwefeldioxid aus eise Géigenden. Fir dëse Problem deemools an de Grëff ze kréien am nach gedeelten Europa, ass dunn iwwert d'UNO versicht ginn, eng Léisung erbäizeféieren.

1979 konnt sech zu Genf op eng éischt Konventioun iwwert d'grenziwwerschreidend atmosphäresch Ëmweltbelaaschtung gëeeneegt ginn. Schonn zéng Joer méi spéit, wéi de Rido an Europa gefall ass, hu mer dann an enger éischter Operatioun, der sou genannter paneuropäescher Kooperatioun zum Schutz vun der Ëmwelt, weder verhandelt an aus deenen Iwwerleeungen eraus ass d'Konventioun vun Aarhus gebuer ginn. Mir gesinn also, dass e ganze Prozess duerchlaf ginn ass.

Wa mer haut dës Konventioun ratifizéieren, da gëtt et nach just dräi Länner, déi déi Aufgab net an der Europäescher Gemeinschaft gemaach hunn. Leider huet d'Slowakei se net ënnerschriwwen, a vlächicht sollte mir d'Regierung opfuerderen oder froen, dass een d'Slowakei kënnt invitéieren, och matzemaachen. Well d'Slowakei genau wéi d'Tschechei si Länner, wou een dee Bëschschued nach gutt gesäit.

D'CSV-Fraktioun steet zu där Konventioun hei, an ech bréngen den Accord zu dësem Gesetzesprojet eran a soen da Merci fir d'No-lauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächste Riedner ass den Här Calmes agedroen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Emile Calmes (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng zwee Virriedner waren esou komplett, dass dat et mir erlaabt, dach relativ kuerz hei ze sinn. Ech wollt dem Rapporteur awer félicitéieren fir säi gudden schréfftlechen an och méndleche Rapport, grad ewéi mengem Virriedner, deen dat nach kompletéiert huet, wat gefeelt huet.

Ech menge mam Fong vun där Aarhus-Konventioun si mer eis jo alleguer eens heibannen. Datt et ee Schrëtt zu méi Nohaltegkeet ass, ass ganz richtig, an et ass och richtig, dass een nieft dem wirtschaftleche Pilier am dem soziale Pilier och dem Ëmweltpilier am Sënn vun der Nohaltegkeet méi e grousst Gewicht gëtt.

De Rapporteur huet drop higewisen, dass dat Gesetz hei scho virun der leschter Legislaturperiod déposéiert ginn ass, an dass mer an der leschter Ëmweltkommissioun net virukomm sinn, obschonn ech do Rapporteur war, bedéngt do-duerch, dass juristeschen Onsécherheete bestan hunn an dass d'Juristen aus dem Ëmweltministère eis da geroden hunn, virsiichteg hei virunzegoen an deem Sënn, dass mer

solle versichen, gläichzäitig eng europäesch an national Législatioun mat hei ëmzesetzen. Et geet ëm de sou genannten Effet direct oder net Effet direct.

Et muss een awer soen, dass mer deemools u sech Zäit hate fir dat ëmzesetzen, well wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, war deemools just ee Land wat déi Konventioun ënnerschriwwen hat vun deene 25 europäesche Länner, et sinn der jo och an Zentral- an Osteuropa e ganze Koup Länner, déi dat hei ënnerschriwwen hunn, mä deemools war Dänemark dat eenzegt Land, wat déi Konventioun hei ënnerschriwwen hat an dofir ware mer net presséiert.

An der Zwëschenzäit ass d'Problematik déiselwecht; d'Fro vum Effet direct ass nach ëmmer gestallt, an d'Äntwerte sinn nach ëmmer ënnerschiddlech. An ech mengen, mir selwer waren eis jo och an der leschter Kommissiounssitzung nach net honnertprozenteg op alle Punkten eens, well soss hätte mer dat Gesetz iwwert den Accès à l'information, wat mer haut hätte solle mat hei stëmmen, jo net zrëckgestallt, an net décidéiert am Hierscht drop zrëckzekommen.

Méi komplizéiert gëtt et selbstverständlech, wa mer elo op d'Kloerrecht kommen, dem drëtten Volet vun dëser Konventioun hei. Mäi Virriedner huet jo schonn drop higewisen. Mä och do wäerten eis dann d'Zäit an d'Zukunft d'Äntwerte liwweren.

An der Zwëschenzäit - an de Rapporteur huet et gesot - si mir bal dat eenzegt Land, wat déi Konventioun hei nach net ëmgesat huet, an dofir mengen ech, gëtt et awer Zäit dat ze maachen. Dofir wäert dann och eis Fraktioun deem Gesetz hei zoustëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Ech soen dem Här Calmes Merci. Als nächste Riedner ass elo den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng begrëssen natierlech och, dass Lëtzebuerg dës Konventioun endlech - dat muss ech och soe wéi mäi Virriedner - an nationaalt Recht wäert ëmsetzen.

Mä eis als Gréng wonnert et awer och net därmoossen, dass mer esou spéit u sinn. Déi eenzel Regierungen zu Lëtzebuerg hu sech nach ëmmer schwéier gedoe bei dësem Thema. Si hu sech schwéier gedoe beim Recht op Informatioun fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Ëmweltorganisatiounen. Si hu sech schwéier gedoen, fir deeneselwechte Leit an Organisatiounen e Matsproochrecht an deem Beräich ze ginn, an ech hunn haut jo confirméiert kritt, dass an deem Haus hei nach ëmmer ganz vill Leit sinn, déi sech och an Zukunft wäerte schwéier doen, fir d'Kloerrecht fir all dës Leit ze erweideren.

*(Interruption)*

Gliff?

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Hutt Dir elo un e bestëmmten Exminister geduecht?

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Jo, ënner anerem. Ech kommen nach op deen ze schwätzen. Hien ass jo ëmmer flott, fir Beispiller ze ginn. Nach jorzéngteleang wäerte mer un deem kënnen zieren.

Här President, muss ech drun erënneren, dass 20 Joer - Dir hutt richtig héieren! - 20 Joer, nodeem déi éischt Impaktstudiendirektiv vun der EU hätt missen ëmgesat ginn, se zu Lëtzebuerg nach ëmmer net ëmgesat ass fir de Beräich Stroossen?

Ech weess net, ob déi méi jonk Kollegen a Kolleeinnen, déi hei an deem Haus sëtzen, sech dees iwwerhaapt bewosst sinn, dass mer nach ëmmer net eng Direktiv vun der EU vun 1985 ëmgesat hunn!

Muss ech drun erënneren, dass d'Ëmweltschutzorganisatiounen zwar iwwer eenzel Gesetzer e gewësst Kloerrecht kritt hunn, fir sech als Partie civile ze constituéieren, mä dass se awer nach ëmmer net géint eenzel Autorisatiounen kënnen viru Geriicht zéien, mat der cocasser Situatioun, dass zum Beispill e Mouvement écologique konnt a Frankräich géint Cattenom kloen an an der Belsch géint den Ikea, dass dat awer zu Lëtzebuerg de Moment nach ëmmer net méiglech wier, fir dat och u ganz konkrete Beispiller ze illustréieren?

Dofir menge mir, dass dee Vote vun haut zwar schéin a gutt ass, mä dass awer nach ganz villes ze maachen ass. Mir hu laang spékuléiert an der Ëmweltkommissioun, ob dann déi Konventioun hei elo direkt applikabel wier. Vlächicht weist deen een oder anere Prozess an Zukunft, wat et dann domat op sech huet. Mä zumindest, wat den drëtten Volet ubelaangt, ware mer eis awer alleguerten eens, mengen ech, dass awer wirklech an deenen eenzelne Gesetzer nach villes misst geschéien.

Fir den éischten Volet ware mer jo bal fäerdig gi fir de Projet de loi 5217 iwwert den Droit à l'information ëmzesetzen. Ech sinn och do zouversichtlech, dass eis dat am Hierscht wäert geléngen.

Wat d'Matsproochrecht ubelaangt, wëll ech awer wirklech hei nach eng Kéier insistéieren, dass endlech, endlech, Här President, dës Impaktstudiendirektiv fir de Beräich Stroossen och ëmgesat gëtt.

Fir d'Kloerrecht huet zumindest mol den Ëmweltminister eng Dier opgemaach a gesot, hie wëllt awer op dee Wee goen. Ech sinn zwar elo schonn e bësse méi skeptesch ginn no den Aussoe vum Här Oberweis hei. Do schéngen sech awer déi zwou Parteien an der Regierung nach net ganz eens ze sinn, wéi wäit dass dann do elo déi Ouverture soll kommen. Ech géing op jiddfer Fall...

**Une voix.**- Den Här Oberweis ass nach net an der Regierung.

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Oh, et ass awer e wichtige Mann an der CSV-Fraktioun, an ech weess jo, wéi d'CSV ganz oft...

*(Interruptions)*

D'CSV-Fraktioun huet sech schonn des Öfteren esou Leit aus der Fraktioun...

**M. le Président.**- Den Här Gira huet ganz eleng d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Här President, et wier jo net déi éischte Kéier, dass d'CSV géing ee vun hire Leit aus der Parlamentsfraktioun virschécken, fir dem Land dann awer lues a lues unzekënnegen, wou d'Richtung da géing higoen. Mä kucke mer mol, wou et hei higeet.

**Une voix.**- Dir schéngt lech Illusiounen iwwert d'Séparation des pouvoirs ze maachen!

**M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).**- Also, ech mengen net, dass dat nach richtig ass, wat ech an engem gewësse Cours an der Instruction civique am Lycée geléiert hunn. Ech menge besonnesch hei am Land sinn do gréisser Problemer an der Tëschenzäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Politiker an déi wirtschaftlech Kreesser - wéi ee virun allem erëm konnt an den Avisé vun der Chambre de Commerce lesen -, déi Leit also, déi menge méi Recht op Informatioun, méi Matsproochrecht an e bessert Kloerrecht fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Société civile géing all Projeten



an der Gesellschaft blockéieren a géing wierklech zu enger endloser Hällewull vu Prozesser féieren, déi ieren sech. Genau de Géigendeel ass de Fall.

Et kann ee roueg nokucken, dass an deene Länner, déi eng progressiv Gesetzgebung an deem Beräich hunn, méi Innovatioun entsteet, méi Kreativitéit, an do gi besser Léisunge fonnt. Am Ufank vun dem Décisiounsprozess mag et tatsächlech sinn, dass eppes e bësse méi laang dauert. Mä duerno ass awer dann d'Akzeptanz an der Populatioun vill méi grouss, an déi Léisungen, déi fonnt sinn, gi ganz oft och méi nohalteg wéi dat, wat mer heiansdo bei eis gesinn.

An do kommen ech, Här Mehlen, bei deen Här, deen Dir éinescht schonn, mengen ech, ugeschwat hutt. Mir hu jo hei am Land wierklech zwee absolut ofschreckend Beispiller, wéi een et net soll maachen.

Dat éischt ass d'Saarstrooss. Wann d'Prozedure bei der Saarstrooss agehale gi wiere vun deene responsabele Politiker, da wier déi Situatioun längst gekläert. A wa mer haut e Blocage hunn, dee bedauerlecherweis muss ee soen, och schonn zu Doudegen an Tëschenzäit gefouert huet, dann ass et net, an ech wëll dat nach eng Kéier kloer soen, dann ass et net, well d'Leit hiert Recht gesicht hunn, mä dee Blocage ass nëmmen do, well d'Ministeren sech iwwert d'Recht ewechgesat hunn. Dat ass méi wéi eemol virum Tribunal administratif an der Cour administrative confirméiert ginn, souguer virum Europäesche Geriichtshaff.

An dat zweet...

#### (Interruptions)

An dat zweet Beispill, wéi kéint et anescht sinn, dat ass d'Nordstrooss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kréie jo muer de Mëtteg hei awer wierklech in extenso d'Rechnung presentéiert fir dem Här Goebbels seng Method mam Kapp duerch d'Wand ze fueren.

Wier deemools eng seriö Impaktstudie gemaach ginn, da wieren eng ganz Rei vun deene Problemer, déi elo op eemol optauchen, deemools schonn erkannt ginn. An et waren och Leit genuch, déi gewarnt haten deen doten Tracé ze huelen, a mat esou engem Tunnel duerch déi do Geologie ze fueren.

Et muss een net Geolog sinn, fir ze wëssen, dass wann een esou e risegen Tunnel duerch de Lëtzeburger Sandstee buert, dass een da virun allem Waasser begéint. Ech wëll der Diskussioun vu muer net virgräifen, mä ech sinn hei iwwerzeegt, dass - an ech maachen eng Wett haut mat lech - dat muer net déi leschte Rallonge fir d'Nordstrooss wäert sinn. Mä wa mer wierklech emol am Gréngewald oder ënnert dem Gréngewald mat de Baggeren an de Buerer amgaange sinn, da wäerten nach ganz aner Iwwerraschunge komme wéi déi, déi elo scho kommen.

Wier eng seriö Impaktstudie gemaach ginn, ech mengen, da wier schonn am Virfeld offensichtlech ginn, dass et verréckt ass dee Projet do duerchzezéien. A wier och op eng Rei ONGE gelauscht ginn, da wier op jidder Fall net déi do Variant gebaut ginn. Eng Variant, vun där d'Verwaltung selwer scho seet, dass se verkéierstechnesch näischt bréngt, a bei där haut scho sécher ass, dass de Chaos um Kierchbierg virprogramméiert ass, wann dës Strooss vläicht eng Kéier am nächste Jorzéngt hir definitiv Versioun kritt, an och Autoen a Camionë kënnen driwwer fueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss sinn déi Gréng der Meinung, dass d'Problemer mat deenen eis Gesellschaft haut konfrontereiert ass a grad d'Problemer am Ëmweltberäich vill ze vill komplizéiert sinn, fir hir Léisung

just e puer Politiker an Technokraten ze iwwerloossen.

Mir brauchen den Know-how, d'Phantasie an d'Kreativitéit vun de Leit vun der Strooss, vun den Ëmweltschutzorganisatiounen, vun der Société civile en général, fir nohalteg Léisungen zu dese Problemer ze fannen.

Déi Gréng wënschen sech, dass dës Erkenntnis sech endlech och zu Lëtzebuerg a politesche Kreeser an och a wirtschaftleche Kreeser duerchsetzt, well et gëtt an eisen Aen héich Zäit dofir.

Merci villmools.

#### Plusieurs voix.- Très bien!

**M. le Président.**- Merci, Här Gira. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Merci, Här President. Dee Projet de loi, mat deem mer haut befaasst sinn, huet selbstverständlech e groussen ëmweltpoliteschen Impakt. Mä wann ee sech e bëssen an d'Matière eraknéit, da gesäit een, datt e virun allem e juristeschen an e prozedurale Volet huet, wou et ganz schwéier ass derduerch ze kommen.

Ech si mat all deenen, déi viru mir geschwat hunn, d'accord, datt et wichteg ass an eiser heiteger Welt, wou esou vill haaptsächlech industriell Aktivitéiten, awer och aner Aktivitéite sinn, datt d'Leit fir d'alleréischte Accès un d'Informatiounen ëmweltpolitescher Natur hunn, fir kënnen ze jugéieren, wat passéiert oder wat geplangt ass, a fir dann och d'Méiglechkeeten ze hunn, fir do kënnen aktiv ze ginn.

Dat ass jo den Inhalt vun dëser Konventioun, déi mer haut solle stëmmen. An et muss een drop hiweisen, datt dat jo wäit iwwert déi national Grenzen erausgeet, normalerweis, an datt et duerfir och gutt ass, datt esou vill Länner gläichzäitig där Konventioun hei bäigetragt sinn. Och wann ee ka bedauern, datt mir dann elo eent vun deene leschte Länner sinn.

Et ass scho gesot ginn, datt et am Fong geholl dräi gréisser Piliere sinn. Deen een ass dee vum Accès un d'Informatioun, deen zweeten ass dee vun der Participation directe vun Public un den Décisiounen, un deene Projeten, déi e groussen Impakt op d'Ëmwelt hunn, an deen drëtten, den Accès à la justice, huet virun allem den Aspekt, datt deen Accès à la justice soll esou wäit wéi méiglech gratis sinn, fir datt net d'Leit opgrond vun hirer vläicht prekärer finanzieller Situatioun dovun ofgehal si fir kënnen en justice virzegoen, wa se mengen, dat wier noutwendeg.

Mir als ADR-Fraktioun si grondsätzlech mat där Ausriichtung d'accord.

Et ass eng Konventioun, dat heescht mir müssen se huelen oder mir müssen se stoe loossen. Mir kënnen um Inhalt vun där Konventioun näischt änneren. Mir hu keen Afloss op déi eenzel Dispositiounen, an trotzdeem sief et vläicht erlaabt e puer Remarquen iwwert de Contenu ze maachen.

Mir gesinn zum Beispill, datt d'Chambre de Commerce Suergen ausdréckt, datt beim Accès à l'information kéinten Informatiounen divulgéiert ginn, déi een ënnert de Secret commercial et industriel kéint klasséieren, an datt doduerch Entreprisë kéint e Schued entstoen. Ee vu menge Virriedner huet drop higewisen, datt selbstverständlech d'Administratioun, wann esou e Fall do wier, d'Recht huet dat ze refuséieren an datt een dann natierlech och erëm d'Recht op e Recours huet. Sou datt dat awer normalerweis an der Praxis lo keng direkt Bedrohung fir d'Entreprisë géing duerstellen.

Dat Zweet ass, an dat ass eng Suerg, déi een natierlech deele kann. Wann ee gesäit wéi

schwéierfällig datt mir hei zu Lëtzebuerg gi sinn, wann et ëm Autorisatiounen geet an et stellt ee sech dann d'Fro, ganz besonnesch an engem Ëmfeld vu Rechtsongsécherheet, an ech kommen nach dorop ze schwätzen, datt eventuell d'Prozeduren nach vill méi laang gi fir eng Autorisatioun duerchzekréien, dann ass dat eppes mat deem mer eis müssen intensiv ausernee setze bei der praktescher Ëmsetzung.

De Conseil d'État weist och - warrend, géing ech soen - dorop hin, well e feststellt, datt déi Konventioun wäit iwwer eis bishereg Législatioun an där Matière erausgeet. An e seet och, datt eng Partie Gesetzer an der Folleg missten iwwerschafft ginn, virun allem d'Gesetzer: vum 21. Mee '90 iwwert den Aménagement du territoire, dat vum 19. Januar '04 iwwert den Naturschutz, an och Ofännerunge vun anere Gesetzer, dat vum 10. August '93 iwwert d'Naturparken an dat vum 10. Juni '99 iwwert de sou genannte Kommodo-Inkommodo.

Trotzdeem setze mer dës Konventioun ëm, an et ergëtt sech effektiv, wann een d'Konventioun an hiren Texter kuckt, de Risiko vu Rechtsongsécherheet. Dat war och en Thema an der Kommissioun, an d'Fro ass natierlech gestallt: Wat priméiert dann elo am Zweifelsfall, déi national Législatioun oder d'Konventioun?

Do ass den ieweschte Prinzip, datt d'international Konventioun priméiert.

D'Fro vum Effet direct vun där Konventioun ass gestallt ginn. Do hu mer eng - a mengen Aen, ech si kee Jurist - excellent Note vum Ministère geliwwert kritt, déi eis awer och nach deelweis an Onkloerheet léisst. Well wann een d'Konklusioun, an ech erlabe mer se kuerz virzeliesen: «Au regard de ce qui précède, il est permis d'affirmer que la question de l'effet direct de la convention d'Aarhus est réelle et non pas purement théorique. Il est permis de dire qu'en France on se prononce plutôt pour l'effet direct de certaines dispositions de la convention d'Aarhus. Il se peut que les tribunaux luxembourgeois aient une vue similaire.» Dat ass awer net sécher. «Cependant des incertitudes subsistent.» An dat ass eigentlech e bëssen de Schwaachpunkt vun der aktueller Situatioun.

Et ass noutwendeg, a mir sinn och domat d'accord, datt mer endlech dee Schratt maachen, datt mer d'Konventioun ëmsetzen. Mä mir müssen awer och wëssen, datt et an der Folleg dovun dach awer zu Schwierigkeete kënn.

Mer wäerte souwisou jo nach länger Zäit un deene verschiddene Voletë vun dëser Konventioun mussen schaffen an, Här Minister, ech drécken hei eng Suerg aus, ech mengen et ass d'Suerg vu ville Leit dobaussen: Mir hei als héicht Haus, mir kréien heiansdo gesot mir wieren net extra fläisseg, an dat vu Leit, déi eis mat engem Oeil malveillant kucken. Anerer soen, mir wieren ze vill fläisseg, mir géingen ze vill Texter produzéieren.

Ech neigen éier derzou fir ze soen, mir géingen ze vill Texter, déi heiansdo och net allze vill gutt openee koordinéiert sinn, produzéieren.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et wier gutt, wa mer dee ganze Prozess hei ofgeschloss hunn, wa mer dann eng uerdentlech koordinéiert an iwwersiichtlech Gesetzgebung an där ganzer Matière hätten. Ech weess net wéi mer et technesch ëmgusat kréien, mä et ass awer eng vun de grouse Suergen, déi ech hei wëll ausdrécken.

Ech bréngen, wéi ech et schonn ugekënnegt hunn, domat den Accord vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den zoustänneg Minister, den Här Lucien Lux. Här Minister!

**M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt mol meng Freed ausdrécken, dass souwuel all Fraktiounen hei an der Chamber haut hire Wëlle bekunt hu fir déi Konventioun hei wa méiglech unanime ze ratifizéieren, gradewéi iwwregens och de Statsrot dat virdru gemaach huet.

Dat war méiglech, well de Regierungsprogramm vun der CSV-LSAP-Regierung sech kloer dofir ausgeschwat huet, déi Ratifizéierung esou schnell wéi méiglech virzehuelen; zesummen iwwregens mat deem Projet de loi, dee jo vun der vieregter Regierung do louch, wat den éischte Volet vum Accès à l'information betrëfft; wat mer och, mengen ech, am Hierscht direkt kënnen maachen, wa mer dee kleng Problem do nach geléist hunn.

Ech mengen dat weist iwwregens och, dräi Deeg nom Traitésreferendum kann een dat jo vläicht nach soen, dass munches am Ëmweltberäich op Drock vun den europäeschen Initiativen an Direktive kënnt. Ech mengen, dass mer feststellen a ville Beräicher, zumools wat d'Wäerter, d'Seulen, déi mir bei der Loft, dem Waasser an anere Qualitéite geliwwert kréien, just vun europäeschen Direktiven a Reglementer aus kommen. An ech mengen an där heiter Fro göllt, wéi a villen aneren, dass mer engersäits müssen dofir suergen, an ech mengen déi Suerg ass vun e puer Riedner ausgedréckt ginn, dass mer näischt maachen, wat onnëtz Zäitverloschter an der Ëmsetzung vun néidege Projekte mat sech bréngt, mä dass mer dat awer déifgrënneg an eeschtaft mat eise Bierger kënnen maachen an dass mer d'Effeten, déi eenzel Projeten op d'Ëmwelt hunn, seriö kucken.

Deen Equilibre do, ech mengen dee muss mer fäerdeg bréngen. A wann hei vun eenzelne Riedner, och vum Här Gira, gesot ginn ass, Rechtsongsécherheet, da muss ech soen, ech selwer sinn der Meinung, dass déi Konventioun, mat all sengen dräi Voleten, déi mer hei ofstëmmen, dass mer domadder soen, dass mer déi dräi Voleten och wierklech wëllen an dass mer fir d'Kloerrecht vun den individuelle Persounen wéi och vun den Associatiounen sinn. An de Problem ass net onbedéngt d'Rechtsongsécherheet.

De Problem, dat sinn d'Lenteurs judiciaires, déi mer hunn. Mir hunn heiansdo Angscht op dee Wee ze goen, well mer fäerten, dass doduerjer Jore verluer ginn, well Saachen op Gerichter hänke bleiwen an domat net viruginn.

Dat ass also de Problem. Esou hunn ech et jiddefalls verstanen an den Aussoen, och an de Programm vun deenen eenzelne Parteien, an eisen Aarbechten an der Kommissioun, dass mer fir de Prinzip d'accord sinn, mä dass mer net wëllen hunn, dass doduerjer Lenteuren entstinn, déi, egal bei wat fir enge Projeten och ëmmer, ob et am Stroossebau wier oder an aneren, mengen ech, dach awer net gutt wieren. Dofir ass deen Equilibre tëschent Effikassitéit an eeschthafter, demokratescher, seriöer Diskussioun a Beaarbechtung vu Projeten dat, wat mer müssen erreechen.

Ech mengen, dass de Kolleeg Oberweis hei eis gesot huet, wat de Stand vun der Ratifizéierung ass, an dat ass jo net onbedéngt en Uerden, dee mer do verdéngt hunn, wa mer feststellen, dass mer haut elo dat drëttescht Land vu 24 sinn, wat zur Ratifizéierung kënnt, nodeem mer dat 1998 gestëmmt hunn an 1999 hei deponéiert hunn. Ech mengen, dass dat no baussen d'Ouverture zu enger demokratescher, oppener Gesellschaft ass

an och der Exekutiv, der Regierung, an allen anere seet, dass, wa se Projekte maachen, se dat mat verstännege, responsabele Bierger solle maachen, a wéi gesot da schnell zu Décisiounen solle kommen.

Ech géif och mengen, Här Gira, dass mer an der Ëmsetzung vun deenen eenzelne Punkten net esou schlecht dostinn, wéi et heiansdo gemaach gëtt. Éischstens si mer am éischte Volet vum Accès à l'information an der Kommissioun esou gutt wéi prett. Ech hoffen, dass mer et fäerdeg bréngen, nach bis zum Enn vun dësem Joer dat Gesetz kënnen ze stëmmen.

Zweetens, wat d'Ëmsetzung ubelaangt vun deem zweete Volet, deen also d'Participatioun vun de Bierger un de Pläng an de Programmer ubelaangt, dat betrëfft jo dann eng Rei vun Domänen. Wat d'Loft ubelaangt läit de Règlement grand-ducal, dee geännert ginn ass, dee vum 17. Mäerz 1998, bei eise Statschef, dem Grand-Duc, zur Ënnerschrëft. Dann ass dee Beräich ëmgusat, alles wat d'Loft ubelaangt.

Fir dat wat d'Décheten ubelaangt ass d'Gesetz am Prinzip fäerdeg fir an eis Kommissioun, nodeem de Conseil d'État jo, mengen ech, d'lescht Woch säin Avis ofginn huet. Iwwert d'Amendementer kënnen mer dat, wann de President et op d'Dagesuerdnung setzt - an ech mengen et ass scho geschitt fir de 27. September -, do kucken. Dem Conseil d'État säin Avis ass éischter redaktioneller Natur, esou dass ech mengen, dass mer politesch keng Problemer dierften hunn. Dann ass och dee Beräich vun den Décheten ofgedeckt.

Wat den Accès à la justice an deem Volet zwee, wou jo Elementer si fir d'IPPC...

#### (Interruption)

Jo, ech schwätzen elo emol fir dat, wou ech zoustänneg sinn, an dat betrëfft also emol dat doten. Dir wësst, dass dat e Projet ass, dee beim Bauteministère läit, an et muss een also mam Bauteminister schwätzen, wou seng Aarbechten dru sinn. Ech zweifelen awer net drun, dass deen och bereet ass fir déi Aarbechte weiderzedreiwen.

Ech wëll awer soen, wat den Accès à la justice ubelaangt, e Volet also wou mer vu Rechtsongsécherheet schwätzen, dass d'Regierung e Projet ugeholl huet, wou all déi Betriber, IPPC-Betriber, wou d'Klorecht, den Accès à la justice dra virgesinn ass. Dee Projet ass un de Conseil d'État virun zwee Méint gaangen, esou dass mer also och do als Regierung weisen, dass mer deen drëtste Volet Accès à la justice eescht huelen an net nëmmen hei Rieden hale kommen, well fir déi Betriber - an dat ass jo schonn e gudden Deel, weinstens all déi grouss Betriber, déi an den IPPC-Betriber leien, - läit de Projet beim Conseil d'État, esou dass also mat deem Projet schonn en Deel vun deem drëtste Volet, wat den Accès zur Justiz ubelaangt, och kann ëmgusat ginn.

Da schlussendlech wat deen drëtste Volet ubelaangt hat ech d'Geleeënheet hei bei enger anerer Diskussioun ze soen, dass dat, wat mer während eiser Présidence erlieft hunn innerhalb vum Conseil, eis gewisen huet, dass just zwee Länner, dat waren, wann ech et gutt am Kapp hunn, Griichenland an d'Belsch, déi eenzeg waren, déi sech ausgeschwat hu fir eng europäesch Direktiv an der Ëmsetzung vun dem Volet dräi.

Lëtzebuerg huet sech do als Présidence neutral verhalen, mä wéi gesot all déi aner Länner, dat waren also der 22 un der Zuel, hu sech dergéint ausgeschwat, esou dass et net unzehuelen ass - an ech hu mer de Programm ugekuckt vun der britischer Présidence, do steet et emol guer net méi op hirem Programm -, dass déi en Excès de zèle wäerte maachen, fir déi Problematik weiderzedreiwen. Et



wäert also ofzewaarde si bis zu den Éisträicher an och vläicht de Finnen duerno fir ze kucken, dass mer op deem Gebitt weiderkommen.

Mä dat soll eis - an do sinn ech mam Rapporteur d'accord - net drun hënneren, fir no deem Beschloss, dee mer haut gemaach hunn, esou wéi elo scho fir d'IPPC-Betriber, och weider an eiser Gesetzgebung ze kucken, wat fir eng Punkten dass mer do mussen upaken an déi Aarbechten do weiderzedreiwten, fir deem Beschluss vun haut net nëmmen e symbolesche Charakter ze ginn, dee mer net wëllen, mä och mat deem Vote vun haut der Regierung den Auftrag ze ginn, fir iwwerall do, wou nach Grozone sinn oder wou nach guer keng Ëmsetzung ass a Gesetzgebungen, dat vun haut un ëmzesetzen.

Ech mengen, dass dat fir all d'Ministernen a fir all d'Ressortë gëllt, an deementspriedend sinn ech u sech optimistesche, dass mer et wäerte fäerdeg bréngen, fir souwuel de Volet eent Informatioun wéi d'Bedelegung vun de Bierger wéi den Accès à la justice esou schnell wéi méiglech weiderzedreiwten, well ech mengen et gehéiert no deenen Debatte vun deene leschte Wochen, déi mer hei am Land och haten, zu enger Gesellschaft, déi sech vis-à-vis vun hire Bierger responsabel an offe verhält, an dat virun allem hei am Beräich vun der Ëmwelt, dass een - an do sinn ech mam Här Mehlen d'accord - um Schluss vun där Diskussioun fir jiddferen, souguer heiansdo fir d'Fonctionnairen an de Ministère, déi all Dag domadder schaffen, um Schluss vun där Prozedur eng Keier muss zu enger koordinierter Gesetzgebung kommen, fir dass jiddferen sech doranner ermënnert, virun allem och d'Entreprises an d'Agenten, déi domadder ze schaffen hunn. Dat schéngt mer op der Hand ze leien.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 4513 ass ugehollet mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Patrick Santer), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel) et Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach zwee Projeten um Ordre du jour fir haut de Mëtteg. Nach dräi Projeten.

**Une voix.** - Zweek!

**M. le Président.** - Zweek Projeten, pardon. Mir wäerte bis ongeféier hallwer aacht brauchen, fir déi Projeten evakuéiert ze kréien. Mir sinn eens gi fir d'Sitzung esou laang ze halen. Mir stëmmen alldéngs muer de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung of iwwert déi zwee Projets de loi, déi mer elo diskutéieren. Et sinn eng ganz Rei vu Kolleegen, déi Obligatiounen hunn, an dofir maache mer dat esou.

Mir diskutéieren elo de Projet iwwert d'Schafung vun engem Lycée technique fir erzéieresch a sozial Beruffer. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. Aus organisatoresche Grënn schwätzt d'Madame Brasseur virun der Madame Gantenbein, wann Der domat d'accord sidd. Elo huet d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

**M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, Här Minister, an dësen Deeg a Wochen ass op dëser Plaz hei, och anerwäerts, a mat Recht mengen ech, oft iwwer historesch Momenter vun der Welt, Europa an an der nationaler Gesellschaft geschwat ginn. Wa mer haut de Projet de loi 5338 verabschieden, wat jo dann no den Aussoe vum President muer definitiv soll geschéien, da geet et jo drëm fir aus dem IEES, dem Institut d'Études Éducatives et Sociales, e Lycée technique pour professions éducatives et sociales ze maachen.

An da bezitt sech déi historesch Bedeitung eigentlech dorop, dass an eisem Schoulsystem d'Ëmwandlung vun dësem Institut an e Lycée technique e Prozess ofschléisst, deen dann dozou féiert, dass mer an eisem Enseignement postprimaire nach just Lycéeën hunn.

Ofgesi vun der Noutwendegkeet, endlech kloer Verhältnissen a Gläichrangegkeet am bestehende Schoulsystem ze schafen, bedeit dëse Schrëtt och eng Unerkennung fir d'Leeschtung a fir d'Pionéieraarbecht, déi den IEES gemaach huet, a gläichzäitig och eng Opwärtung fir dës Schoul, souwuel fir d'Léierpersonal vun där Schoul wéi fir d'Schüler.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Den IEES respektiv muer de Lycée technique vu Fenteng, oder méi richteg vu Léiweng, huet eng Geschicht, déi op 1973 zrëckgeet, wou en am Kader vum Gesetz iwwert den differenzierten Unterrecht an do mat Recht op déi beschtméiglechste Schoulausbildung fir behënnert oder schwach Kanner an enger éischter Etapp den IFEM, den Institut de Formation pour Éducateurs et Moniteurs

d'éducation différenciée, geschaf ginn ass, an da mam Gesetz vum 6. August 1990 den IEES, duerch dee bis haut - et ass ëmmerhin interessant ze wëssen - ronn 2.000 Schüler gaange sinn, also ausgebilt si ginn, wouvu ronn 1.600 en Diplom de fin d'études secondaires techniques kritt hunn.

Eng aner bedeitend a wichteg Etapp an deem Kontext ass d'Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2003 an d'Décision vum Transfert vun der Ausbildung vun den Éducateurs gradués de niveau supérieur an déi Uni.

De Rapport vun der zoustänneger Parlamentskommissioun - ech soen direkt hei alle Matglidder vun där Kommissioun an dem Sekretariat en décke Merci - ass de 6. Juli eestëmmeg verabschiedet ginn. Et kann een an deem Rapport ganz vill Eenzelheeten am Zesummenhank mat deem Projet de loi noliesen.

Dir wësst, dass dee Projet de loi de 4. Mee 2004, esou laang ass dat also och net hier, deponéiert ginn ass, dass mer vun der Privatbeamte-Chamber den 9. Juli 2004 en Avis kritt hunn, deen zwar grondsätzlech d'Schafe vum Lycée begréisst huet, mä kritiséiert huet, dass dat eng monopolistesche Décision wier, dass si léiwer gehat hätten, dass déi Formation op all Lycéeën verdeelt gi wier, mä grondsätzlech war se d'accord.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 19. November 2004 hiren Accord ginn. De Conseil d'État huet en éischten Avis, den eigentlechen Avis den 22. März 2005 an en Avis complémentaire de 5. Juli 2005 ginn.

Eis Kommissioun huet ugefaange mat schaffen den 10. Mee 2005. Ech soen dat, fir dass ee weess, wéi d'Ofleef waren, fir awer och drop hinzewiesen, dass de Statsrot eng Opposition formelle ausgedréckt hat an och gefrot hat, dass eng Rei vun Texter géinge verännert ginn. Mir hunn deem Rechnung gedroen, ouni awer grondsätzlech um eegentlechen Text eppes ze verännern.

Mir waren eis bewosst, dat muss een ënnersträichen, dass mer eng Prioritéit hei gesinn hunn, fir dass ab dem Schouljoer 2005/2006 dës Ëmwandlung geregelt ass, an dass mat deem Ëmwandelen d'Regele vum Fonctionnement an de generale Kader vum postprimaires Unterrecht am Allgemeinen am vum techeschen Unterrecht am Spezieschen erapasse sollen.

Vu Bedeitung ass och an deem Zesummenhank, datt dat vun dësem héijen Haus hei den 1. Juni verabschiedet Kadergesetz fir d'Personal vum Enseignement secondaire a vum Enseignement secondaire technique seng Uwendung fënnt.

En neie Lycée technique op der Basis ze schafe vu méi wéi 30 Joer Erfahrung an Erfolleg, bedeit och eng Chance fir dat, wat gutt war, nach besser ze maachen, dat heescht d'Optimiséiere vun den aktuelle Studien.

Mä et gëtt och hei, Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, e puer Schéinheitsfeeler, déi een offen uschwätze soll. Et sinn déi eigentlech classesch Problemer, déi mer, wa mer iwwer eise Schoulsystem schwätzen, ëmmer erëm fannen an ëmmer erëm nennen. Ech nennen do virun allem de Problem vun de Chargés de cours an de Problem vun de Gebailechkeeten, also vun den Infrastrukturen. Vlächert erliewe mer eng Keier an der Zukunft, dass mer en neie Lycée grënden an en neit Schoulgebaier scho fäerdeg do stoen hunn, fir dass dat eigentlech an der Logik dee richtegen Oflaf hätt.

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, d'äerf ech d'Wuert kréien, wann ech gliff?

**M. le Président.** - Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Wann den Här Castegnaro d'accord wier, wëllt ech him just soen, dass mer an där Situatioun waren an déi awer net gutt war. Et war e Schoulgebaier fäerdeg um Geeseknappchen, mä et gouf nach kee Gesetz fir et fonctionnéieren ze dinn. Dat war de Lycée Aline Mayrisch. Dat war eng Situatioun, an déi mer awer och net méi d'äerfe kommen. Do war iergendwéi en Décalage entstanen, dee wierklech net ze begrëisse war, esou dass mer e Schoulgebaier haten, an de Lycée konnt net fonctionnéieren.

**M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Madame Brasseur, mir hunn elo eng nei Regierung, en neie Minister, an et kann een et nach just besser maachen.

**(Interruptions)**

Ech géing et méi logesch fannen, wa mer Schoulgebaier an Infrastrukturen hätten, fir all eis Schoulproblemer geléist ze kréien. Ech bleiwen där Meinung, dass dat méi logesch wier wéi de Contraire.

Den IEES vun haut, dat si 95 Beschäftegt, dovun 80 Enseignanten. Dat sinn de Moment 665 Schüler am Beräich Educateur - eng Zuel, déi mam Schouljoer 2005/2006 op 715 an d'Luucht klëmmt. Da wëll ech trotz allem nach eng Keier d'Précaritéit vun de bestehende Schoulinfrastrukturen op zwee Siten - Léiweng a Fenteng - ervirstächen, woubäi Fenteng fir de 15. November vun dësem Joer verlooss muss ginn an dann zu Léiweng e grouse Raum opgedeelt gëtt, fir zousätzlech Schoulsäll ze maachen, ouni dass awer genügend Capacitéit entsteet.

A wann ee weess, dass déi dräi Joergäng, déi do geléiert ginn, oft mateneen do sinn, dann ass dat Gebai, wou dat elo alles ofleeft, einfach ze enk. An eng provisoersch Containerléisung, déi gesicht ginn ass, war bis elo och net méiglech. Dat, wat elo noutwendeg ass a prioritär ass, ass eng Grondsazentscheidung fir e staatlecht Gebai ze bauen, fir dat an de Plan directeur betreffend dem Bau vu Schoulen opzehuelen. Ëmsou méi, dass mer wëssen, dass mer awer bal aacht Joer brauchen, fir en neit Gebai ze realiséieren.

Da wëll ech dobäifügen, dass nieft dem Prinzip selwer och d'Standuertfro eng Bedeitung huet. Ech sinn der Meinung, dass vu dass d'Mass vun de Schüler aus dem Zentrum an aus dem Süde kommen, de Standuert sech och do sollt ermënnen.

Mir sinn also gefuerdert, well déi besch Schoul ass déi, wou all d'Viraussetzung fir en optimaalt Zesummeliwien an Zesummeliere gi sinn.

En aneren typesch Lëtzeburger Problem, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat vun de Chargés de cours. Och wann et am IEES e bëssen anescht ass, dann dofir well déi Betreffen - et sinn der ronn 30 un der Zuel - ab dem Joer 2000 an deem Sënn reguliséiert gi sinn, dass hiren Aarbechtsvertrag an en dauerhafte Vertrag, also e Contrat à durée indéterminée ëmgewandelt ginn ass. E Fortschrëtt, mä keng Léisung, wéi se zum Beispill fonnt gi war bei der Verstaatlechung vun der Infirmierschoul, wou et eng total Reguliséierung ginn ass.

Hei ass eng Chance verpasst ginn am Interesse vun deene Betreffenen, an dat wëll ech ënnersträichen, déi zu de Pionéier vun der Schoul gehéieren an déi et menger bescheidener Meinung no verdéngt hätten, eng definitiv Reguliséierung ze kréien. Mä et ass dru gescheitert, well mer iwwert d'Hal-

tung vum Ministère de la Fonction publique déi Léisung net fonnt hunn, an et ass erëm eng Keier drop higewise ginn - mir hunn dat déi lescht Wochen hei e puermol am Zesummenhank mat Schoulprojeete gesot -, dass eng global Léisung fir déi ronn 500 Chargés de cours soll ugestriift ginn, déi et nach am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique gëtt.

D'Argumenter sinn ëmmer déiselwecht. Et soll kee Prezedenzfall geschaf ginn, an et misst een där komplexer Personalkaderstruktur beim Stat Rechnung droen.

Da soen ech mat vill Vehemenz, dass ech hoffen, an ech gleewe jiddferen heibannen, dass mer déi Regulariséierung, déi global, dann endlech kréien, och am Interesse vum Schoulfridden, well och do vill Energie an Zäit fir näischt verluer geet.

Ech wëllt awer och op eng aner Verännerung an deem neie Gesetz hiweisen, eng Verännerung par rapport zum IEES, nämlech déi, dass déi bis elo festgeschriwwen Formation continue am Lycée nach just op Beschloss vum Minister ka méiglech sinn. Och do gëtt erëm eng Keier drop higewisen - wéi dat elo méi oft de Fall war -, dass do an engem speziesche Gesetz misst légiféréiert ginn.

An do soen ech, och dat preséiert, well mer jo net nëmmen a Sonndesrieden, mä och haut a bei villen anere Sitzungen ëmmer am Kontext vum „lifelong learning“ vun der Lissabon-Strategie vu Kompetitivitéit a schlussendlech vu Vollbeschäftegung iwwert déi Saache schwätzen, a se dann och mussen ëmsetzen an all Viraussetzunge schafen, datt dat kann an alle Situatiounen stattfannen.

An nach eng lescht Iwwerleung. Eigentlech brauch ech net méi op alles aus dem Rapport anzegoen, mä wou ech wëll drop hiweisen, well et mer um Häerz läit, dat ass nämlech dat, dass d'Sozialberuffer bei eis zu Lëtzebuerg zënter de 70er Joren un Attraktivitéit gewonnen hunn. Wann et fréier Rekrutierungsproblemer an dësem Land gouf, well mer net genuch Leit hatten, déi déi Formatiounen hatten, sou ass dat haut net méi de Fall.

Ech hu gesot 715 Meedercher a Jongen, haaptsächlech Meedercher, sinn ab 2005/2006 an der Schoul. A wann ech drop hiweisen, dass iwwer 80% weiblech Schüler sinn, da fir och op deen Aspekt hinzewiesen, deen dat herno um Aarbechtsmaart fënnt, nämlech dass een e relativ héijen „turnover“ huet, dass also besaten Aarbechtsplazen och mat Momenter fräi gesat ginn an erëm kënnen nei besat ginn.

Mä wichteg ass et, an dofir soen ech et, dass ee muss Suerg droen, dass mer déi beschtméiglechste Berufsorientéierung hunn an dass mer och Transparenz um Aarbechtsplazbedarf hunn, fir dass mer net an eng Situatioun gëngen eragerode vun Iwwercapacitéiten, an dass mer och net an eng Situatioun era géinge geroden, elo duerch d'Trennung vun der Formation vun de Graduée par rapport zu den Educateurs, dass do eng Keier e falschen an onnéidege Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart géng entstoen.

Ech wollt awer och, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, drop hiweisen, dass ee just elo muss oppassen net duerch falsch politesch Signaler d'Interesse vun eiser Jugend un dëser Ausbildung verluer goen ze loossen an et esou ze maachen, dass jonk Leit keng Zukunftsperspektive méi gesinn. Ech denken un déi politesch Signaler vun Ëmännerungen an der Finanzéierung a gewëssene Beräicher. Mir wëssen, dass mer laang gebraucht hunn - ech hunn dat scho gesot - fir déi Villfalt u Sozialberuffer hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen. An dozou huet och gehéiert, dass mer et fäerdeg bruecht hu